LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3650 vun den honorabelen Deputéierte Gilles Baum a Barbara Agostino**

1. **Wéi vill Formateuren d'adultes ginn et aktuell zu Lëtzebuerg verdeelt op déi verschidde Sitten (ENAD, INL, CNFPC)?**

| **Administratioun** | **Unzuel u Formateurs d'adultes** |
|---|---|
| *ENAD* | 48 (dovun 3 Stagiairen) |
| *INLL* | 43 (dovu 6 Stagiairen) |
| *CNFPC* | 23 (dovu 4 Stagiairen) |

2. **Wéi vill Professeren, Chargés de cours a Léierpersonal aus dem Fondamental schaffen aktuell an den Instituter vun der Erwuessenebildung?**

| ***ENAD*** | |
|---|---|
| **Kategorie vu Léierpersonal** | **Unzuel** |
| Léierpersonal am Statut vum Employé (*Chargé de cours, Chargé d'enseignement, Chargé d'éducation*) | 49 |
| Léierpersonal am Statut vum Fonctionnaire (*Professeur*) | 29 |
| Léierpersonal am Statut vum Fonctionnaire (*Formateur d'adultes*) | 48 |
| Léierpersonal aus dem Enseignement fondamental | 8 |

| ***INLL*** | |
|---|---|
| **Kategorie vu Léierpersonal** | **Unzuel** |
| Léierpersonal am Statut vum Employé (*Chargé de cours, Chargé d'enseignement, Chargé d'éducation*) | 132 |
| Léierpersonal am Statut vum Fonctionnaire (*Professeur, Professeur d'enseignement technique, Maître d'enseignement*) | 16 |
| Léierpersonal am Statut vum Fonctionnaire (*Formateur d'adultes*) | 43 |
| Léierpersonal aus dem Enseignement fondamental | 0 |

| ***CNFPC*** | |
|---|---|
| **Kategorie vu Léierpersonal** | **Unzuel** |
| Léierpersonal am Statut vum Employé (*Chargé de cours, Chargé d'enseignement, Chargé d'éducation*) | 118 |
| Léierpersonal am Statut vum Fonctionnaire (*Professeur, Professeur d'enseignement technique, Maître d'enseignement*) | 13 |
| Léierpersonal am Statut vum Fonctionnaire (*Formateur d'adultes*) | 23 |
| Léierpersonal aus dem Enseignement fondamental | 7 |

3. **Wéi ee Personal gëtt an de Lycéeë bei volljäregen/erwuesse Schüler agesat, zum Beispill a Klasse vun der Beruffsausbildung, dem Cycle supérieur oder BTS?**

An der Beruffsausbildung an op de Classes supérieures vum Enseignement secondaire fanne sech souwuel mannerjäreg ewéi och erwuesse Schüler. D'BTS-Formatioune gi vu volljäregen Apprenante besicht. An dësen dräi Ordres d'enseignement intervenéieren all Zorte vun Enseignanten, vum Fonctionnaire bis zum Employé, an ënnerschiddleche Groupes de traitement resp. Groupes d'indemnité.

4. **Wéi sinn déi asymmetresch Mobilitéitsreegelen ze erklären, déi et Professeren erméiglechen, an den Enseignement fir Erwuessener ze wiesselen, awer net ëmgedréint, obwuel d'Qualifikatiounsniveaue vun de Formateur d'adultes (Bachelor/Master, Concours, Stage) änlech héich sinn?**

Den INLL, d'ENAD (an domadder och déi fréier École de la deuxième chance) an d'CNFPCen hu laang virun der Aféierung vum Statut vum Formateur d'adultes existéiert. All dës Administratiounen hunn deemno an der Vergaangenheet Enseignantë rekrutéiert, fir hir Offer kënnen auszebauen. Zanter der Aféierung vum Formateur d'adultes ass eng Tendenz ze gesinn, datt dës Administratioune progressiv op dës Funktioun zeréckgräifen. Fir de Fonctionnement vum Enseignement awer kënnen ze garantéieren, ass et weiderhi méiglech, op dat gesamt Enseignantspersonal kënnen zeréckzegräifen.

5. **Wou gesäit den Här Minister konkret d'Differenzen tëscht der Ausbildung vun engem Formateur d'adultes an der vun engem Enseignant am Enseignement secondaire, besonnesch wat Stage, Concours, didaktesch Formatioun an d'Roll vum IFEN ugeet?**

D'Differenzen tëscht der Ausbildung vun engem Formateur d'adultes an engem Enseignant am Enseignement secondaire si punktuell an net substanziell. Béid Profiller ginn um IFEN ausgebilt an op engem gemeinsame pädagogesche Fundament opgebaut, dat Léieren als universell kognitiv Aktivitéit versteet, déi no de selwechte léiertheoretesche Prinzippien (Informatiounsveraarbechtung, Motivatioun, Transfert, Metakognitioun) funktionéiert. Schoulpädagogik an Andragogik ënnerscheeden sech haaptsächlech an de Léierviraussetzungen an an der Motivatioun vun den Zilgruppen.

Dës Gemeinsamkeet weist sech am Tronc commun vun der Formation spéciale, mat Moduller an der allgemenger Pädagogik, der Didaktik (100 Stonnen), engem spezifeschen didaktesche Module (min. 72 Stonnen) an 48 Stonne *Modules au choix*. Dës Struktur erméiglecht eng individualiséiert Kompetenzentwécklung. Zentral Moduller wéi *Concevoir et mettre en œuvre des situations d'apprentissage* oder *Être enseignant – vivre un métier réflexif* bilde fir béid Profiller déi selwecht Basis, mat Fokus op kognitiv-aktivéierend Methoden, situéiert Léieren a reflexiv Praxis.

Déi wéineg Differenze si kompetenzorientéiert:

- Am Enseignement secondaire steet *Gestion de classe* am Mëttelpunkt (Gruppendynamik, Klasseféierung, strukturéierend Instruktioun).
- An der Formation d'adultes läit de Schwéierpunkt op *Communiquer et interagir* (Selbststeuerung, Dialogorientéierung, erfahrungsbaséiert a ko-konstruktiivt Léieren).

D'legislativ Moduller variéieren dem jeeweilegen Aarbechtsfeld no, ouni d'pädagogesch Grondausbildung ze beaflossen.

An der didaktescher Formatioun gëtt nom selwechte Modell geschafft; d'Differenzen entstinn duerch d'Fallstudien an d'Zilgruppen. Enseignanten entwéckele Léiersituatiounen typesch fir Jugendlecher, Formateure fir Erwuessener a jonk Erwuessener (intrinsesch Motivatioun, Selbstkonzept, biografesch Léiererfarungen, beruffspraktesch Relevanz). D'Methodik bleift änlech, d'Theme variéieren zilspezifesch.

An béide Formatiounen ass de Stage mat reellem Zilgruppekontakt zentral. D'Stagiairë passen hir Approche un d'Bedierfnesser an d'Liewenssituatioun vun de Participanten un – eng Form vun adaptiver Didaktik an iterativer Reflexioun, déi fir béid Profiller gëllt.

Weiderhi ginn d'Formateuren – trotz hirem Haaptfokus op Erwuessener – och op jonk Zilgruppe sensibiliséiert, well se an hirem Aarbechtsfeld reegelméisseg och mat Jugendlechen oder jonken Erwuessenen a Kontakt kommen. Op där anerer Säit kënnen Enseignanten am Secondaire mat Participanten aus beruflech orientéierten oder transitiounsspezifesche Kontexter a Kontakt kommen. D'Formatioun dréit deem Rechnung, andeem si béid Profiller op d'Realitéit vun heterogenen an altersgemëschte Léierzilgruppe virbereet — en zentrale Prinzip vun inklusiver, diversitéitssensibeler Pädagogik.

Insgesamt baséieren déi zwou Formatioune beim IFEN op engem héije Grad u Konvergenz; déi bestoend Differenzen si kontextuell a kompetenzorientéiert, net strukturell oder substanziell.

6. **Aus wéi enge Grënn gi Formateurs d'adultes bei verschiddene Postes à responsabilité am Ministère oder an Direktiounen ausgeschloss, och wann dës Posten am selwechte Groupe de traitement leien an d'Aarbechtsinhalter mat hire Kompetenze kompatibel wieren?**

Dem Formateur d'adultes kann, op der Grondlag vun der aktueller Gesetzeslag, e Poste à responsabilité attribuéiert ginn. Eng Nominatioun als Attaché à la direction an engem Lycée an en Detachement an en Département ministériel sinn doriwwer eraus och méiglech. D'Funktioun vum Direkter bzw. dem bäigeuerdenten Direkter an engem Lycée ka vum Formateur d'adultes net besat ginn. Den Artikel 5 vun der *Loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire* gesäit an dësem Kontext Follgendes vir:

*„Le directeur et le directeur adjoint sont choisis parmi les fonctionnaires appartenant ou ayant appartenu pendant cinq ans au moins au personnel de la catégorie de traitement A, sous-groupe enseignement secondaire ou sous-groupe enseignement fondamental. L'expérience professionnelle prise en considération est celle acquise à partir de la nomination définitive en tant que fonctionnaire."*

Vu datt sech de Formateur d'adultes am *Sous-groupe à attributions particulières* befënnt, ass d'Besetze vun enger Fonction dirigeante an engem Lycée net méiglech.

7. **Wéi bewäert den Här Minister d'Fro, ob - ënner kloer definéierte Konditiounen - e Passage vu Formateuren d'adultes an de reguläre Lycée méiglech gemaach kéint ginn, zum Beispill iwwer eng Ergänzungsformatioun oder eng gezielt Validatioun vun hire Kompetenzen?**

Meng Servicer préiwen am Moment souwuel d'Pertinenz wéi och d'Ëmsetzbarkeet vun enger entspriechender Passerell.

8. **Ass den Här Minister der Meenung datt de Statut vum Formateur d'adultes a senger aktueller Form a similärer Ausbildung zum Enseignant am Enseignement Secondaire nach Sënn mécht?**

De Formateur d'adultes intervenéiert am Moment an ënnerschiddlechen Administratiounen, déi am direkte Verglach och ënnerschiddlech Apprenanten opweisen. Differenzen um Niveau vun der

Altersstruktur féieren dozou, datt eng andragogesch Approche par Rapport zu enger pädagogescher Approche privilegiéiert muss ginn. An dësem Zesummenhang gëtt evaluéiert, ob de Recrutement an d'Ausbildung vu Formateurs d'adultes an de jeeweilegen Administratioune weiderhi Sënn mécht.

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH